Réunion 05/2025

# Commune de Junglinster

**Commission consultative de la Nature, Energie et de l'Environnement**

**Rapport de la réunion du 12.06.2025**

| | |
|---|---|
| Lieu de réunion : | Op Fréinen à 19.30 H |
| Début de la réunion | 19.30 H |
| Invités | |

## Ordre du jour :

1. Afterwork – Gardeblogger an eventuell Aktioun mat der Gemeng- Update
2. Debrief Avis Subside Couches bébés
3. Update Problem “littering”
4. Update – Gaart Borrigs Schlass

## 1. Afterwork – Gardeblogger an eventuell Aktioun mat der Gemeng Update

D'Propose wier fir [redacted] ze froen op hat Loscht hätt engkéier Samsdes Moies zB, bei Lait di Interessi hun, an deene Stroossen mat de Lait zesummen eppes ze beplanzen.

Dat mist een natirlech mat der Gemeng an den concernéierte Servicer ofklären ma dat ganzt hätt eppes interaktives an d'Lait miste sech dann deemno och engagéiren déi Saach ze ennerhalen.

Den Opruf kéint een am Mag man, wou d'Lait sech mellen a motivéire firwa hir Strooss dee Projet sollt kréien, an mir wielen aus.

Dest wier dann a collaboration mat der Gemeng, et gi jo nach eng Rai Stroosse wou guer naischt geplanzt ass. Déi déi mat machen, do kéint een zB als Merci eng Planz fir an de Gaart matgin.

Sou eppes mist een am Hierscht man fir dat d'planze sech och lount.

## 2. Debrief Couches bébés

RAS – soll awer nach firun der grousser Vakanz am Gemengeroot débattéiert gin.

## 3. Update- Problem Littering

RAS – mam [redacted] kuken nächst Kéier wann hien engkéier an eng Kommissioun wëll kommen.

## 4. Borrigs Schlass

Expertise amgangen mat enger Baumpflegerin. Wéi am leschte Rapport scho consignéiert ass et crucial dat Spezialisten den Ennerhalt man.

## 5. Update- Dag vum Baam

November, ma nach kee genauen Datum.

[redacted] proposéiert do dëst Joer Äppelbeem ze planzen, an huet eis verschiddner do propséiert déi kéinten interssant sin. D'Fro ass och wou, do wier eng Propose zB déi Sträif op Fréine beim Parking. Mir machen an den nächste Réunioune nach Proposen fir d'Plaatzen.

D'Idée mat de Sträich war d'lescht Joer wirklech gut ukomm soudat mer dat och weiderfuren. Mir hätten eis do op eng Zort Aprikosensträich geenegt, déi méi spéit bléien an déi lokal sin, déi komme vun Tréier.

Mir géifen dann och mam Centre de tri kuken op si nach Blummendeppen hun, da géif een dei firu benotzen amplatz naier ze kafen.

Eis nächst Réunioun ass en Donneschteg, den 17.07.2025 um **19.30** Auer an der Buvette "Op Fréinen"

Mat frëndleche Gréiss.

| | |
|---|---|
| Nora Dupont<br>Sekretärin | Jean Boden<br>President |